LSAP

Dr. Danielle **Schmit**

KÄERJENG

Gemengerot Käerjeng
Médecin généraliste

A villen Domainer bremsen extrem zäitopwänneg, bürokratesch Prozeduren déi zukünfteg Entwécklung vu Lëtzebuerg.

Als Hausdoktesch behandelen ech Patiente mat deene verschiddenste Krankheeten, vill sinn awer net kierperlecher Natur, mee sinn éischter eng psychesch Reaktioun op d'Ëmfeld. An deene leschte Joere gesinn ech ëmmer méi Leit, déi sech iwwert Mobbing oder Stress duerch iwwerméisseg Aarbecht bekloen. Anerer hunn hir Aarbecht gekënnegt kritt oder si krankheitshalber onfäheg hir fréier Aarbecht weider ze maachen an hunn doduerch eng precaire Situatioun, well duerch den Ausfall vum Gehalt ganz Familljen net méi genuch hunn fir ze liewen. Als Politikerin kann ech dat sozialt Ëmfeld vun de Leit matgestalten an hinnen esou och hëllefe fir eng besser Liewensqualitéit ze erreechen.

Wann ech gewielt ginn, maachen ech als éischt:
Ech gi menge Kollegen e Patt.

Wann ech net grad schaffen oder Politik maachen, dann:
Kachen ech an invitéiere meng Frënn fir zesumme bei engem gudden Iessen e gemittlechen Owend ze verbréngen.

Dës Reform oder Erfindung bewonneren ech am meeschten:
D'Erfindung vun der Impfung, domat gin all Joer 3 Milliounе Leit vu Krankheete verschount.

Gléck ass fir mech:
Gesond ze sinn a mat menge Frënn zesumme schéi Momenter ze erliewen.

Am léifste géif ech op dëser Plaz vun der Welt liewen:
Doheem ass et am schéinste fir mech.

Meng Stäerkte sinn:
Ech sinn oppen a wëssbegiereg fir alles, einfühlsam, hëllefsbereet an hu vill Duerchsetzungsverméigen.

A meng Feeler / meng Schwächten:
Ech si stur a rechthaberesch a si granzeg wann ech vill Stress op der Aarbecht hunn.

Am léifsten iessen an drénken ech:
Eng Paschtéitchen mat Fritten an Zalot an e lëtzebuerger Crémant.

Zur Zäit liesen ech:
The Dome (Stephen King).

Am beschten entspane kann ech mat dëser Musek:
Muse, James Blunt.

Wann ech kéint mat enger reeller oder fiktiver Persoun tauschen, da wier ech am léifsten:
Ech hu mer vill Gedanken gemaach bei dëser Fro, mee ech well mat kengem tauschen!

Mäi Liewensmotto:
Aus all Kris kann een eppes Positives léieren an et soll een ëmmer no vir an net no hanne kucken, well d'Liewe geet weider an et soll een d'Vergaangenheet net bereien.

„D'LSAP, fir eng zukunftsorientéiert an innovativ Politik!“

Meng Muppen.

Ech kache leidenschaftlech gär.

Als Presidentin vun der Harmonie Hautcharage am Asaz.